

La Strange an den Ardennen



Dat laangt waarden hat endlech een Ënn, endlech no méi ewéi engem Joer war Haut deen laang erbäi gewënschten Schrëtt zeréck an d'Normalitéit, den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war an déi belsch Ardennen gefuer fir een flotten Dag ënnert Gläichgesënnten beim Méckefëschchen ze verbréngen. Schonn ewéi d'Invitatioun erausgaangen ass huet et net laang gedauert an dunn sinn d'Umeldungen komm esou dass mir am ganzen zu dieren 22 eis op de Wee gemaach hunn, och huet een schonn bei den Umeldungen konnten feststellen dass eis Fëschcher et net méi erwaarden konnten fir sech erëm ze gesinn. Ganz erfreeslech war och ze gesinn ewéi vill wärend der Pandemie um Site geschafft ginn war, esou ass eng grouss Terrasse dobäi komm wat zemools an den Summerméint



eng fein Saach ass wann et dobaussen esou waarm ass. Mir haten eis och am Virus informéiert ewéi eng Restriktiounen géifen bei der Arees an d'Belsch bestoen an hunn erfreeslech festgestallt dass d'Gastronomie erëm dierft Gäscht empfänken an natierlech war dunn eis éischt Fro, kënnen mir dann och een Jambonneau zerwéiert kréien, an mat Freed kruten mir als Äntwert "bien sûr comme toujours " och haten mir eis den Site erëm fir den Club reservéiert an bedéngt doduerch dass am leschten Joer eis Aktivitéiten brooch lounen, hat den President mam Comité decidéiert dass den Club fir eis Memberen géif d'Reservatioun fir den Weier iwwehuelen.





Bei wonnerbarem Summerwieder, am Laf vum Nomëtten sinn zwar Wiederan an d'Land gezunn mee dat sollt awer keen Impakt op eis Sortie hunn, hunn mir eis zu la Strange getraff woubäi den Gerd an den Ferdi ze guer extra aus dem Saarland ugereest waren fir mat eis zesummen ze fëschen. Et huet een och gespuert dass et dës Kéier weder ëm den Jambonneau nach ëm d'Fëschen u sech gaangen ass, villméi waren eis Memberen frou hir Kollegeen beim Waasser erëm ze gesinn louch eist Club Liewen dach iwwert ee Joer esou ze soen brooch. Et ass dann och ausgibeg dovunner profitéiert ginn fir sech ënner eneen aus ze tauschen woubäi ëmmer erëm d'Fro opkomm ass " an ewéi ass et Dir an denger Famille gesondheetlech ergaangen an has De iwwerhaapt d'Méiglechkeet ee bëssen fëschen ze goen, jee et huet een schonn gemierkt dass déi ongewëss Zäiten un Jidderengem ee bëssen geschafft hunn. Dat huet awer net verhënnert dass eis Fëscher beschtens gelaunt waren an et huet och net laang gedauert do stoung eis Passioun erëm am Mëttelpunkt.





Den Site zu la Strange läit wonnerbar an der Natur, d' Fësch waren och um Rendezvous och wann et awer ewéi ëmmer net esou einfach war fir eraus ze fannen mat wat een Dës iwwerléschten konnt. Déi eng hunn et mat dreschen Schnéier an dreschen Mécken probéiert woubäi Anerer léiwer mat Sink Schnéier oder Intermediate Schnéier hiert Gléck gesicht hunn. Et konnt een vill Aktivitéit op der Uewerfläch gesinn woubäi dat awer net ëmmer Forellen waren ewell et sinn och vill déck Kaarpen ronderëm geschwommen an och eis Fëscher hunn niewent den Forellen och vill Pijen gefaangen an wäiss Fësch sinn der och een ganzen Koup am Weier.



Bei mengem Tour ronderëm den Weier war ech dann och ganz erfreet ze héieren dass eis Fëscher Alleguerten gutt duerch dës schwéier Zäiten komm sinn. Den Änder fir säin Deel war erëm ganz deen Alen, Hien war ganz an sengem Element an huet schéin dobäi gemaach ganz erfreeslech war och dass den Claude erëm den Wee bei seng Kolleegen fonnt hat, hat Hien sech dach virum Konfinement zimmlech rar gemaach, mee déi meeschten Fëscher waren awer méi drop aus et méi roueg ugoen ze loossen an hunn et Genoss erëm téschent den Kolleegen um Bord vum Waasser ze stoen an einfach nëmmen déi zeréck gewonnen Fräiheeten ze genéissen. An dunn lo hat ech dat bal vergiess, goug et op der Aperitif, dat ass d´Virspill fir den Jambonneau an och Dësen hat natierlech nach een Nospill mee wat soll ech soen, dat gehéiert onbedéngt dozou zemools wann mir esou laang hunn missen dorop verzichten. Esou koum et dann och dass verschidden Memberen méi Asaz um Mëttesdësch gewisen haten ewéi Moies beim fëschen mee och dat verdéngt eisen Respekt ewell bei eisen Sortien geet et ëmmer nëmmen ëm dat selwecht an zwar een flotten Dag ënnert Gläichgesënnten ze verbréngen an all Misère deen eis soss belascht einfach op der Sait ze loossen.





Den Ufank ass Jidverfalls mol erëm gamaach, mir haten eng wonnerbar éischt Sortie fir dëst Joer an esou kann, nee villméi soll et dann elo och erëm hoffentlech weidergoen.